N° 7246
Entrée le 18.01.2023
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Énergie et de
l'Aménagement du territoire

Département de l'énergie

**Gemeinsam Äntwert vum Minister fir Energie a vum Minister fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten op d'parlamentaresch Fro n°7246 vum 28. November 2022 vum Här Deputéierte Marc Goergen**

**1. Gëtt bei der Geneemegung vun neien Elektrobornen drop opgepasst, dass dës och fir Leit mat ageschränkter Mobilitéit accessibel sinn, souwuel wat d'Plaz ronderëm d'Borne wéi och den Zougang zur Borne selwer ugeet? Wa nee, firwat net?**

**2. Ginn et Virgaben dozou, wéi déif en Display muss sinn, fir dass och Persounen am Rollstull dru kommen? Wa jo, wéi eng sinn dat? Wa nee, firwat net?**

Den honoréierten Deputéierte Marc Goergen freet Informatiounen iwwert d'Luetstatioune fir Leit mat ageschränkter Mobilitéit.

Aktuell ginn et keng spezifesch Virgabe fir Luetstatioune fir Leit mat ageschränkter Mobilitéit accessibel ze gestalten. Generell sinn d'Parkplaze fir Luetstatiounen an der Reegel méi breet wéi normal Parkplaze – dëst virun allem bei de méi séiere Luetstatiounen. Dës zousätzlech Plaz erliichtert och de Persoune mat ageschränkter Mobilitéit d'Benotze vun de Borne. Bei « Chargy » steet et de Gemengen awer fräi fir och handicapéierte Parkplaze mat Bornen ze ekipéieren, wéi dëst zum Beispill am Parking Fort Neipperg scho gemaach gouf.

Wat d'Benotzerfrëndlechkeet fir Persoune mat ageschränkter Mobilitéit vun de Luetstatioune selwer ubelaangt, wéi zum Beispill d'Héicht vum Display an de Knäppercher oder d'Positioun an d'Gewiicht vun de Luetkabelen, esou ginn hei um europäesche Plang nach keng Virgaben. Am Kader vum « Fir for 55 Package » ass am geplangte Reglement iwwert d'Infrastruktur fir alternativ Kraaftstoffer virgesinn datt d'europäesch Kommissioun déi europäesch Norméirungsagence chargéiert fir eenheetlech Virgabe fir Luetstatiounen auszeschaffen un déi sech d'Hiersteller an Europa hale mussen.

Och am Ausland ginn et, no den Informatioune vun de Ministèren, wéineg konkret Virgabe fir déi ëffentlech zougänglech Luetstatiounen duerchgoend benotzerfrëndlech fir Persoune mat Mobilitéitsaschränkungen ze gestalten. Den Debat, wéi dëst soll erreecht ginn, gëtt awer ëmmer méi gefouert an d'Regierung suivéiert dës Diskussiounen, wéi zum Beispill den Austausch « Laden ohne Hindernisse » vun der däitscher nationaler Leitstelle Ladeinfrastruktur. Et ass dohier geplangt datt d'Ministèrë mat de betraffenen Interessevertrieder zesumme kucke wéi ee beschtméiglech ka sécherstellen d'Luetinfrastruktur och accessibel fir Leit mat ageschränkter Mobilitéit ka gestalten.

Lëtzebuerg, den 18. Januar 2023
(s.) Claude Turmes
Minister fir Energie